Infoblat N°18/2026
JANUAR 2026
bigs@pt.lu www.bigs.lu
CCRALULL LU63 0090 0000 7355 2416
BIGS
Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl
RCS F1763 siège social: 5, rue de Limpach L-4986 SANEM
association agréée dans la protection de la nature

#fir de besch

## BOBËSCH ZONE NATURA 2000

**Mat enger symbolescher Bamplanzaktioun*** den 13.12.2025 hu mer am Bobësch 4 Eechen an 10 Hobichen nei gesat - op der Plaz, wou virun dräi Joer 12 Ar Bësch ewechgehae gi sinn - fir do Gasleitungen nei ze verleeën (S. 4: Wat war op der Käerjeng-Suessemer Gare lass?).

Mer hunn domat ënnerstrach, dass de Bobësch en Natura 2000-Gebitt ass, mat alle Konsequenzen déi sech doraus fir de Projet Contournement erginn. Den 31. Januar 2024 huet de Regierungsrot nämlech e Projet de règlement grand-ducal approuvéiert fir de Bobësch (als Kompensatiounsmoossnam) an déi besteeënd Natura 2000-Zone (zu deeër den Zämerbësch gehéiert) anzebezéien. Domat steet de Bobësch elo schonn den europäesche Reegelen no ënnert engem besonnesche Statut, deen e viru Schied schützt.

D’Regierung wëll de Bobësch awer eléischt méi spéit zu Bréissel offiziell deklaréiere loossen, a flagranter Violatioun vum Artikel 31 vum Naturschutzgesetz. Domat wëll se dee Schutzstatus ëmgoen.

Der Autorisatioun no sollt de Bobësch ganz séier op 2 Hektar ofgeholzt ginn, wat derzou féiere géif, dass déi spéider Natura-Zone op 7 weideren Hektare géif staark beanträchtegt ginn (duerch „Schneiseneffekt“, Stéckstoffoflagerungen a Kaméidi duerch de Stroosseverkéier), mee och fir de Mënsch en Noerhuelungsgebitt mat senge Weeër definitiv onbenotzbar ze maachen.

D‘Regierung schéngt awer elo op en Urteel ze waarden, well déi Ofholzung ass viraussiichtlech eléischt 2030 geplangt! Dat wier emol een Erfollech, wat de Bauteministère awer anscheinend net drun hënnert virdrun op anere Plaze mam Contournement wëllen unzefänke fir aner faits accomplis ze schafen. Mär bleiwen um Ball! (S.2/3: BIGS ass mat der Regierung viru Geriicht)

* MERCI nach eemol den HOT DADDIES fir d’Nominatioun um Daag vum Bam - dat hat gepasst !




## BIGS Assemblée générale
**Mëttwoch, 25. Mäerz 2026 20:00**

**An dëser Nummer:**

Bobësch Zone NATURA 2000 S.1
Contournement: BIGS / Regierung viru Geriicht S.2/3
Gare Suesseme/Käerjeng: Wat wuar hei lass? S.3
KRONOSPAN: Ëmweltoplagen neess net erfëllt ! S.4



**COLLECTE DE FONDS POUR FINANCER LE RECOURS**

**CCRALULL IBAN LU63 0090 0000 7355 2416**

# Contournement: BIGS begéint d'Regierung viru Geriicht

**D'BIGS freet, zesumme mat 10 betraffenen Awunner.innen vu Käerjeng a Suessem, virum Verwaltungsgeriicht d'Annulatioun vun den Decisioune vun 2016, 2023 an 2024 a punkto Contournement. D'Affär soll de 16. Dezember 2026 verhandelt ginn, mat engem Urteel ass 2027 ze rechnen!**

## Sëtzt d'Regierung da net souwisou um laangen Hiewel?

**NEE**, well wéi Bierger- an Ëmweltorganisatiounen op ville Plazen an Europa beruffe mer eis op **Reegelungen déi musse vun de Staate respektéiert ginn**:

1. **Natura 2000-Habitat- a Vulleschutzzonen** souwéi Schutzreegelen fir europäesch geschützten Aarten (Fauna a Flora) och ausserhalb vun **esou Zonen, wierken dem erschreckenden Aartestierwen zwéngend entgéint.**
2. De Bierger an hiren Associatioune gouf en **Informatiouns- a Kontrollrecht – bis viru Geriicht** – zougestane fir de Regierungen op d'Fanger ze klappe wann se géint déi Reegele verstoussen.

Et geet haut net méi duer, d"utilité publique" an eng Decisioun ze schreiwen, an da lass ze fueren! **Iwwer d'Uwendung vu besteeëndem Recht duerch d'Regierung entscheet d'Verwaltungsgeriicht, ënnert der Kontroll vum europäesche Geriichtshaff.**

A mir rechnen eis hei **gutt Chancen** aus. Dat funktionéiert awer nëmme wa mer och weider déi -och finanziell - **Ënnerstëtzung vun de Leit** hunn.

**COLLECTE DE FONDS POUR FINANCER LE RECOURS**

**CCRALULL IBAN LU63 0090 0000 7355 2416**

## Wat sinn eis wichtegst Argumenter?

Mer hu viru Geriicht eng **20 konkret Argumenter** ervir bruecht fir eenzel Punkte vun den **Decisiounen** als **gesetzeswiddreg** annuléieren ze loossen.

Mer hunn do, zesumme mat eisen **Affekoten**, eng enorm Beaarbechtung vun engem ganz **komplexen Dossier** geleescht.
De fréieren Transportminister François Bausch huet eng Kéier gesot et wier dee **schwieregsten Dossier** deen en ze traitéieren hat, an dass en nach Jore géif daueren. **Dank der BIGS!**

## Wat huet d'BIGS opgedéckt ?

Et ass z.B. duerch eis Recherche séier offensichtlech ginn, dass déi behaapten iwwerhéijten **Stéckstoffdioxid-Wäerter** bei der Käerjenger Brauerei als Gesondheetsuersaach fir de Contournement scho bei der **1.Decisioun vum Regierungsrot vum 29.07.2016 falsch** waren.

Eng **raison impérative d'intérêt public majeur** (Knackpunkt vun all Prozedur fir an enger Natura 2000-Zone ze bauen) huet **schonn deemools net bestanen.**

Dono huet d'Regierung de **Projet changéiert: eng nei Begrënnung -** contournement „de proximité"-, e neien Tracé (dee global gesinn net manner ëmweltschiedlech ass), nei lokal Verbindunge mam Stroossennetz, nei méiglech Alternativen déi net wierklech ënnersicht goufen, nei Erkenntnisser an de betraffene Naturzonen, Kompensatiounsmoossnamen déi a Wierklechkeet keng sinn…

De contournement „de proximité" gouf mat enger Verkéierssituatioun erkläert fir déi - **weder 2016 nach 2023 - konkret Chiffere virgeluecht goufe well et bis haut iwwerhaapt keng Verkéierszielunge gi sinn**.

Awer **amplaz** (no 7 Joer) z.B. **eng nei Evaluatiounsetude** ze maachen, an **eng nei ëffentlech Befroung**, huet de Regierungsrot de 07.07.2023 **einfach eng 2. Decisioun un déi vun 2016 dru ge-**

**haangen**, déi an der Prozedur guer net virgesinn ass.

**An den Ëmweltminister huet den 12.03.2024 de Projet opgrond vun dësen 2 Decisiounen autoriséiert.**
Domat hänken déi 3 Decisioune zesummen a riskéiere mateneen ze falen.

**A villen anere Punkte verletzten déi besteeënd Decisiounen europäescht a nationaalt Recht, och wat d'Matsproocherechter vun de Leit ugeet wat net respektéiert gouf. Knackpunkt ass och nach ëmmer de Bobësch** (cf op S.1).

## Wat fuerdert d'BIGS ?!

Et soll **net mat Bauen ugefaange ginn ier déi Froe viru Geriicht gekläert sinn**, well soss ginn notzlos Suen aus der Fënster gehäit. D'Beispill vum Contournement vu Beynac a Frankräich huet gewisen, dass Brécken erëm hu mussen ofgerappt gi well d'raison impérative d'intérêt public majeur net viru Geriicht unerkannt gi war.

Virun allem awer bleift fir eis: **de Projet ass keng Léisung fir Verkéiersproblemer. E muss zréckgezu ginn!**

Et ass **juristesch disproportionéiert a politesch falsch**, de **lokale Verkéier duerch Bëscher a Naturschutzzonen**, déi och als Noerhuelungsgebitter déngen, **ëmzeleeden** an d'Liewensqualitéit ronderëm d'Uertschaften zousätzlech futti ze maachen.

Dobäi sinn an eiser Géigend d'**Bëscher** scho souwisou ënnerentwéckelt a bidden ëmmer manner **Schutz** virun der Industrialiséierung an Urbaniséierung - deeër hir **CO2-Ausstéiss** se solle **späicheren**.

## Léisungsvirschléi ?  0+Variant !

**Léisung** ass fir eis nach ëmmer eng **0+-Léisung**:
- Verkéiersberouegungen an den Uertschaften,
- Verbesserungen am ëffentleche Verkéier (Zuch a Bus, besser Verbindungen)
- Optimiséierung vun der Collectrice du Sud well dat ass deen eigentleche Contournement am Süden!

## Gare Suessem-Käerjeng: Wat wuar hei lass?

**Vum 18.12.-27.12.2025 gouf am Bobësch an am Zämerbësch un de Gasleitunge geschafft. D'BIGS huet enquêtéiert.**




Dir erënnert iech : den **10. Dezember 2022** sinn am Bobësch 12 Ar Bësch a 4 al Beem gehae gi wéinst Leitungen déi ënnert der Strooss angeblech hu missten nei verluet ginn – en vue vun enger geplangter Ofsenkung vum CR110 (déi awer schonn deemools net méi néideg war, well de Contournement sollt elo mam CR110 duerch e Rond-Point verbonne ginn).

D'**Argument** war en **ekonomescht** – en **neien Uewe** bei Guardian sollt am **Februar 2023** a Betrib goen, an dierft duerno net méi ënnerbrach ginn. Also missten d'Leitungen nach virdru verluecht ginn!!!

D'BIGS mécht e **Référé: mee den ekonomesche Schued fir d'Firma wier méi wichteg wéi de (begrenzte) Schued un der Natur**, sou de Riichter opgrond vun der Argumentatioun vum Staat.

Den **neien Uewe** vun der Firma ass dunn am **Juni 2023 a Betrib geholl ginn**, ëmmer nach alimentéiert iwwert déi al Leitungen **– ouni dass déi nei Leitunge geluecht goufen!**!! Si waren och guer net méi néideg.

De **15. November 2023** gëtt d'Strooss opgerappt an déi **nei Leitunge** goufen awer verluecht, awer **ouni ugeschloss** ze ginn!!!

**2 Joer méi spéit, am Dezember 2025, ass d'Leitung vun AirLiquide ugeschloss ginn**!!! An **am Laf vun 2026 eréischt soll dann déi nei Gasleitung vun CREOS ugeschloss ginn**!!!

- Eng Urgence déi keng war
- Leitungen déi net néideg waren
- onnéideg Zerstéierung vun der Natur
- iwwerflësseg Aarbechten op Käschte vum Steierzueler
- Behënnerunge fir d'Leit déi do zirkuléieren.

**Fazit:**
**USCHASS OP DER GANZER LINN**
**vu Säiten vum Ministère des Travaux Publics.**

## Woust där datt ...

- déi nei geännert Variant vum "Contournement", déi duerch d'Saint-Gobain-Industriezone bei der Gare Bascharage/Sanem geet, déi selwecht Quantitéit Bësch wéi déi al Versioun vun 2016 zerstéiert, nämlech 5,2 Hektar (5,18 Hektar elo am Verglach zu 5,21 Hektar am Joer 2016);

- zousätzlech 2 Hektar extra geschützte Bësch am "Hahnebësch" mussen zugonschte vun der Industriezone do verschwannen, fir de Verloscht vum Saint-Gobain-Industrieterrain ze "kompenséieren" (Regierungsdokument vum 07.07.2023; och wann dës Verbindung duerno bestridde gouf, ass de Verloscht vun dësem Gebitt zënter der Autorisatioun vum Ëmweltministère vum 11. Oktober 2023 e Fakt);

- de Contournement besonnesch schwéier Auswierkungen op Cité Tornaco an e puer Stroossen an de Gemenge Suessem a Käerjeng wäert hunn, wat de Kaméidi an d'Loftverschmotzung ugeet;

- d'Wëldbréck iwwer d'Collectrice du Sud, déi elo gebaut gëtt, nëmmen eng sënnvoll Ergänzung fir dëse Bau an de 90er Jore wier … wann se net direkt erëm duerch de Contournement verbaut géif ginn an an engem „cul de sac“ ging endegen.

## KRONOSPAN :
## Ëmweltoplagen neess net erfëllt!

Am Rapport d'expertise um Site vum Ëmweltministère ginn fir 2025 (Contrôle vum 22.10.2025) ëmmer nach 4 non conformités mineures an 3 non conformités significatives opgezielt, notamment Depassementer wat de Kaméidi Nuets ugeet, a wat Loftbelaaschtung ugeet. Weider geet aus dem Rapport erviir, dass verschidde Berichter an Erhiewungen déi gefrot wuaren, net vu KRONOSPAN geliwwert gi sinn.

*(NC03): « L'étude acoustique actualisée (Ingenieurbüro P. Pies du 21/07/2020) montre que les niveaux de bruits équivalents autorisés, en provenance de l'exploitation, sont dépassés pour la période nocturne.*
*L'actualisation de cette étude, incluant le rapport de réception acoustique pour l'installation de coïncinération CHP3, n'a pas été présentée dans le délai fixé par l'autorisation d'exploitation »*
*« … Les derniers contrôles des effluents gazeux rejetés par les bypass (rapport BTL/RA22203 du 07/12/2022 et BTL/RA24313 du 16/01/2025) a relevé un dépassement de la valeur limite pour les paramètres NOx, CO et poussières auprès de l'installation de combustion Kablitz 1. »*
*(NC04) « Les mesures en continu des polluants rejetés à l'atmosphère par les installations de coïncinération CHP montrent des dépassements par rapport aux valeurs-limites prescrites … »*

https://environnement.public.lu/fr/emweltprozeduren/Autorisations/Etablissements_classes/IED/arretes-ied/autres-activites/kronospan.html

D'Biergerinitiative an de Mouvement Ecologique haten an engem Kommuniqué gefrot, e COMITE D'ACCOMPAGNEMENT ze schaafen, esou wéi dat och zu Esch mat ARCELOR-MITTAL de Fall ass, fir esou e bessere Suivi ze erméiglechen.

Fir de 4. Februar huet KRONOSPAN d'BIGS elo op en Treffen invitéiert wou en Austausch mat Experte vu BIOMONITOR an dem TÜFF Rheinlandpflaz geplangt ass.

Mir haalen iech um Laafenden !

BIGS
Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl
RCS F1763 siège social: 5, rue de Limpach L-4986 SANEM
association agréée dans la protection de la nature

bigs@pt.lu
www.bigslu.net

**2026**

**MEMBRE**
**DONATEUR/TRICE**

**carte membre 10 €**

#fir de besch

**don de solidarité**

**Collecte de fonds**
pour financer le **RECOURS**
pour la **préservation** de la
**ZONE-NATURA-2000**
**Zäemerbësch/Bobësch**

**CCRALULL IBAN LU63 0090 0000 7355 2416**